LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4718 du 22 juillet 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "Personnes ne pouvant pas être vaccinées contre la Covid-19 "**

*Kann d'Madamm Minister soen, wat fir Leit, respektiv wat fir Gesondheetsprofiller net zougelooss si fir d'Covid-Impfung?*

D'Kontraindikatiounen fir d'Impfungen déi de Moment zu Lëtzebuerg verfügbar sinn, si folgend:

- Fir all Impfstoffer :
  Iwwerempfindlechkeet géintiwwer der aktiver Substanz oder engem vun den Hëllefsstoffer

- Fir den Vaxzevria an Janssen Impfstoff:
  Leit, déi an der Vergaangenheet en Episode vun engem Syndrom vun "Fuite capillaire" haten

- Fir den Vaxzevria Impfstoff :
  Leit déi en Syndrom vun enger Thrombose-matt-Thrombozytopenie (TTS) entwéckelt hunn no enger Impfung mam Vaxzevria.

Wat den Alter ugeet, sinn 2 Impfstoffer zougelooss fir Kanner tëscht 12 an 18 Joer (Comirnaty, Moderna). Fir de Moment ass nach keen Impfstoff zougelooss fir Kanner ënner 12 Joer.

Dës Informatiounen an weider Detailer sinn all an der Zesummefaassung vun de Produktcharakteristiken vun den respektiven Impfstoffer abegraff, an online disponibel um Site vun der EMA[1] .

*Huet d'Madamm Minister Kenntnesser doriwwer, wéi vill Leit zu Lëtzebuerg an där Situatioun sinn, datt si net kënne geimpft ginn?*

Den Gesondheetsministère huet keng Informatiounen, wéivill Leit hei zu Lëtzebuerg an enger vun den uewengenannten Kategorien faalen an sech deemno net kënnen impfen loossen.

---

1 https://www.ema.europa.eu/en/human-regulatory/overview/public-health-threats/coronavirus-disease-covid-19/treatments-vaccines/vaccines-covid-19/covid-19-vaccines-authorised#authorised-covid-19-vaccines-section